N°6682
Entrée le 19.08.2022
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.08.2022

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 512/2022
19 AOUT 2022
A traiter par:
Copie à:

**Monsieur Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 19. August 2022

Här President,

Esou wéi et am Artikel 81 vum Chambersreglement virgesinn ass, géinge mir Iech biede folgend dréngend parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeginn.

Bedéngt duerch déi extrem héich Temperaturen dëse Summer an déi duerch den Ukrain-Krich ausgeléisten Turbulenzen op den internationalen Agrarmäert, si vill Bauerebetriber hei am Land, wéi an Europa, mat Existenznéit konfrontéiert. Well d'Situatioun am Agrarsecteur immens ugespaant ass, an eng Léisung fonnt muss ginn, rifft d'Baueren-Allianz d'Regierung dozou op, am Hierscht en „Agrarsommet" anzeberuffe fir schnellstméiglech Léisungen op déi aktuell Problemer ze fannen. D'Fuerderung no esou engem Agrarsommet konnt och vum President vun der Landwirtschaftskummer novollzu ginn, dee selwer nach eng Kéier betount, dass et immens wichteg wier, am Kader vun engem Agrargipfel iwwert déi aktuell Problemer an der Landwirtschaft ze schwätzen.

An dem Zesummenhang géinge mir gär folgend Froen un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung stellen:

- Gedenkt den Här Minister op d'Fuerderung vun der Bauerenallianz anzegoen an en "Agrarsommet" anzeberuffen?
    - Wa jo, wéini gedenkt den Här Minister e sougenannten „Agrarsommet" anzeberuffen?
    - Wann nee, mat wat fir enger Argumentatioun verzicht den Här Minister op en Agrargipfel?
- Wéini gedenkt den Här Minister eng Decisioun ze huelen, ob Betriber, déi vun der extremer Hëtzt an Dréchent getraff sinn an Aboussen hunn, gehollef gëtt?

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

- D' Nohaltegkeet steet am Virdergrond vun der Agrarpolitik. Huet d' Regierung wëlles d' Nohaltegkeet vun importéierte Liewensmëttel, déi ganz dacks laang Transportweeër hannert sech hunn, ze bewäerten?

    - Wa jo, wéi?

    - Wann nee, firwat net a wéi soll an deem Fall eng deloyal Konkurrenz verhënnert ginn?

Här President, mir bieden Iech onsen déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

Octavie Modert
Deputéiert

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°6682 vun den éirewäerten Députéierten Madame Octavie Modert a Madame Martine Hansen**

Bedéngt duerch déi extrem héich Temperaturen dëse Summer an déi duerch den Ukrain-Krich ausgeléisten Turbulenzen op den internationalen Agrarmäert, si vill Bauerebetriber hei am Land, wéi an Europa, mat Existenznéit konfrontéiert. Well d'Situatioun am Agrarsecteur immens ugespaant ass, an eng Léisung fonnt muss ginn, rifft d'Baueren-Allianz d'Regierung dozou op, am Hierscht en „Agrarsommet" anzeberuffen, fir schnellstméiglech Léisungen op déi aktuell Problemer ze fannen. D'Fuerderung no esou engem Agrarsommet konnt och vum President vun der Landwirtschaftskummer novollzu ginn, dee selwer nach eng Kéier betount, dass et immens wichteg wier, am Kader vun engem Agrargipfel iwwert déi aktuell Problemer an der Landwirtschaft ze schwätzen.

An dem Zesummenhang géinge mir gär folgend Froen un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung stellen:

1. **-Gedenkt den Här Minister op d'Fuerderung vun der Bauerenallianz anzegoen an en "Agrarsommet" anzeberuffen?**

   **-Wa jo, wéini gedenkt den Här Minister e sougenannten „Agrarsommet"anzeberuffen?**

   **-Wann nee, mat wat fir enger Argumentatioun verzicht den Här Minister op en Agrargipfel?**

   Ech sinn oppe fir all Diskussiounen a begréissen d'Iddi vun engem Agrarsommet; en Agrarsommet ass no der Recolte an Drauwelies bestëmmt dat richtegt Instrument, fir kënnen am Hierscht no all deene Sëtzungen an dësem Joer mat allen Acteuren aus der Landwirtschaft an dem Wäin- a Gaardebau zesummen de Point ze maachen a fir iwwert Problemer, Iddien a Projeten ze diskutéieren.

2. **Wéini gedenkt den Här Minister eng Decisioun ze huelen, ob Betriber, déi vun der extremer Hëtzt an Dréchent getraff sinn an Aboussen hunn, gehollef gëtt?**

   Den 22. Mäerz an den 30. Mee dëst Joer ware schonn 2 sougenannt "Kärendëscher" mam ganze Secteur, fir iwwert déi jeeweils aktuell Situatioun ze diskutéieren an och entspriechend Mesuren ze decidéieren. D'Konklusioune sinn op dem Landwirtschaftsportal ënnert folgenden Adresse festgehale ginn:

   https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/mai-2022/echange-filiere-cerealiere.html.

   https://agriculture.public.lu/de/actualites/2022/maerz-2022/claude-haagen-ecoute-secteur-agricole-crise-marches-agricoles-ukraine.html.

   Des Weideren ass deemools decidéiert ginn, dass een sech am September nach eemol gesäit fir notamment och iwwert d'Auswirkunge vun der Dréchent ze schwätzen. Als éischt géllt et lo mol d'Konklusioune vun dësem 3ten "Kärendësch" ofzewaarden.

3. **D'Nohaltegkeet steet am Virdergrond vun der Agrarpolitik. Huet d'Regierung wëlles, d'Nohaltegkeet vun importéierte Liewensmëttel, déi ganz dacks laang Transportweeër hannert sech hunn, ze bewäerten?**

   **- Wa jo, wéi?**

   **- Wann nee, firwat net, a wéi soll an deem Fall eng deloyal Konkurrenz verhënnert ginn?**

   Et ass effektiv richteg, dass d'Nohaltegkeet ee vun den Haaptelementer vun der europäescher an nationaler Agrarpolitik ass. Dës Politiken erlaben et, eng ganz Rei vu Bäihëllefen auszebezuelen, fir déi ënnerschiddlech Produktiounsbedéngungen an Oplagen auszegläichen, ouni dass doduerch eng deloyal Konkurrenz entstoe soll. Am Kader vum nationalen strategesche Plang fir d'Agrarpolitik sinn eng ganz Rei vun Agrarëmweltmoossname virgesinn, mat deenen di méi héich national Nohaltegkeetsnorme kompenséiert ginn, esou dass ons Betriber kee Wettbewerbsnodeel am Verglach zu Importwuere sollen hunn.

   Doriwwer eraus schéngt et mir wichteg ze sinn hei ze rappelléieren, dass och Lëtzebuerg sech am Kader vum Gemeinsame Maart respektiv dem Ariichte vum fräie Bannemaart engagéiert huet, fir notamment de fräie Wuereverkéier ze assuréieren. Dat selwecht gëllt fir déi international Handels- a Kooperatiounsofkommessen.

   Et bleift dorops hinzeweisen, dass de Landwirtschaftsministère an deene leschte Joren ganz grouss Effort'en ënnerholl huet fir regional a saisonal Produkter ze promouvéieren. Dëst ass sécherlech ee wichtegt Element fir zu enger méi nohalteger Liewensmëttelproduktioun ze kommen.

Lëtzebuerg, den 30. August 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung

(s.) Claude HAAGEN